N°1797
Entrée le 16.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.01.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

Am Kader vum *Treaty on the Prohibition of Nuclear Weapons* (TPNW) hunn d'Memberstaten sech am November 2023 zu New York getraff. Verschidden NATO-Memberstaaten, dorënner eis Nopeschlänner Däitschland a Belsch, hunn als Observateuren un dësem Meeting deelgeholl. Dëst weist eng Bereetschaft vu verschiddenen NATO-Staaten, sech konstruktiv mat dësem wichtegen Theema auserneen ze setzen. Och dëst Joer signaliséieren dës Länner nees wëllen deelzehuelen.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°15 vum 10. November 2023 hat de Minister matgedeelt, datt Lëtzebuerg net als Observateur bei den TPNW-Meetinge géif deelhuelen. Well eis direkt Nopeschlänner awer elo dëse Schrëtt gemaach hunn, stellt sech d'Fro ob dës Positioun nach ëmmer déi selwecht ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung hier Positioun bezüglech enger Participatioun als Observateur bei TPNW-Meetingen iwwerduecht, nodeems eis Nopeschlänner Däitschland a Belsch am November 2023 als Observateuren um Meeting zu New York deelgeholl hunn?

2. Wéi eng Grënn schwätzen aus der Siicht vun der Regierung géint eng Participatioun als Observateur bei TPNW-Meetingen, wou d'NATO-Partner Däitschland, Belsch an Norwege reegelméisseg als Observateuren deelhuelen?

3. Gëtt et Gespréicher mat aneren NATO-Memberstaaten iwwert eng méiglech gemeinsam Approche bezüglech dem TPNW an enger eventueller Participatioun als Observateur bei de Meetingen?

4. Gëtt et eng Ofstëmmung op EU-Niveau betreffend der Reunioun vun dësem Joer, wëssend datt verschidden EU-Member (Éisträich an Irland) Partie vum Traité sinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten